



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Gemeinsam Äntwert vum Här Inneminister Léon Gloden
an der Madame Justizminister Elisabeth Margue op d'parlamentaresch Ufro N°1088 vum
6. August 2024 vum honorabelen Deputéierten Fred Keup**

1. Kann d'Regierung elaboréieren, wéi et méiglech ass, datt si d'Nationalitéit vu sou ville Léit, déi sech héi am Land ophalen, net kennt?

A senger parlamentarescher Ufro beriff sech den honorabelen Deputéierten op Zuelen, déi aus der Äntwert op d'parlamentaresch Ufro N° 897 ervir ginn, also d'Nationalitéit am Kontext vun enger strofrechtlecher Veruerteelung an der Prisongsstrof déi se no sech zitt.

Dozou muss erkläert ginn, dass bei enger strofrechtlecher Enquête, der Veruerteelung a beim Untrëtt vun der Prisongsstrof d'Nationalitéit vun der concernierter Persoun an éischer Linn festgestallt gëtt, unhand vun den Identitéitspabeieren, déi déi concerniert Persoun virweise kann. Och gëtt am nationale Persouneregëster („Répertoire National des Personnes Physiques – RNPP“) nogekuckt, an déi Informatioun, déi zu deem Moment am RNPP steet, gëtt da gebraucht. Weder d'Justizautoritéiten nach d'Prisongsverwaltung stellen zu deem Moment weider Nofuerschungen un, falls d'Nationalitéit vun där Persoun zu deem Moment als „inconnue“ am RNPP renseignéiert gëtt. Dat ass doduerch ze erklären, dass d'Nationalitéit vum Ugekloten, fir de Strofprozess selwer, irrelevant ass, an och fir de Strofvollzuch duerno kaum eng Roll spillt, wéi an der Äntwert op déi 4. Fro ausgefouert gëtt. Dowéinst hunn déi Autoritéiten och keng gesetzlech Kompetenz, fir sou Nofuerschungen unzestellen.

Dat verhënnert awer net, dass während oder no der Prisongsstrof d'Generaldirektioun vun der Immigratioun, am Kontext vum Openthaltsrecht vun där Persoun, weider Nofuerschunge kann ustellen, an dann eng Nationalitéit ka feststellen, déi virdrun net bekannt war. Heibäi sief awer ugemierkt, dass, op Basis vun der Wiener Conventioun, während enger Prisongsstrof nëmme mam Averstännis vum Concernéierte Kontakt mat den Autoritéite vu sengem Heemechtsland kann opgeholl ginn.

2. Wéi eng technesch Méiglechkeete stinn allgemeng zur Verfügung, fir d'Nationalitéit festzustellen? Vu wéi enge vun deene Méiglechkeete mécht d'Regierung Gebrauch? Wéi eng Grënn schwätze fir a géint déi verschidde Methoden?

Wat d'Justizautoritéiten ubelaangt sief op d'Fro 1 verweisen.

D'Generaldirektioun vun der Immigratioun benotzt déi europäesch Systemer Eurodac, VIS an SIS II fir Informatiounen iwwer d'Nationalitéit vu Persounen ze kréie falls dës keng Dokumenter virweisen.

3. Wéi kann et sinn datt esou vill Léit sech zu Lëtzebuerg ophalen, déi kengem Staat kënnen zougeuerdent ginn an dann och duerch kriminell Verhalen opfalen? Wéi wëll d'Regierung déi Zuel reduzéieren?

Et sierf op d'Äntwerten zu de Froen 1 an 2 verweisen.

D'Regierung notzt all technesch a konsularesch Méiglechkeete fir d'Nationalitéit vu Kriminellen ze identifizéieren an si an hiren Hierkonftsstaat oder en anere Staat den si ophëlt zeréck ze féieren.

4) Zu wéi eng Konsequenze féiert déi feelend Nationalitéit um Niveau vun der Verwaltung an dem Alldag am Prisong?

Am Alldag vum Prisong huet déi feelend Nationalitéit kaum Repercussiounen. Den Détenu hëlt um alideegleche Liewen deel: hie kann op de Sport, an d'Schoul a schaffe goen. Et kënnen Schwieregkeeten entstoen, wann et drëms geet e Projet pénologique fir den Détenu op d'Been ze stellen, dee keng gëlteg Pabeieren huet, well am Prinzip muss en Détenu gëlteg Pabeieren hu fir kënne vun engem Aménagement de la peine ze profitéieren. Am Prisong zu Givenich ginn et aktuell keng Détenuë mat feelender Nationalitéit. Et ass och net virgesinn, dass Détenuë mat feelender Nationalitéit an de Prisong zu Givenich kommen, well gëlteg Pabeieren eng Voraussetzung fir en Transfert an den hallef-oppene Vollzuch zu Givenich sinn.

5) Zu wéi enge Konsequenze féiert déi feelend Nationalitéit nom Enn vun der Prisongsstrof? Dierfen déi betrafte Persounen sech weiderhin hei am Land ophalen? Falls net, u wéi ee Staat gi si verweisen?

Wann en Détenu op d'Enn vu senger Prisongsstrof zougeet, dann hëlt de Greffe vum Centre pénitentiaire de Luxembourg virdru Kontakt mat der Generaldirektioun vun der Immigratioun op, déi dann entscheet, ob déi Persoun dierf am Land bleiwen oder net. Wann déi Persoun net dierf am Land bleiwen, da gëtt se vum Prisong aus an de Centre de rétention placéiert. Wann déi Persoun dierf am Land bleiwen, da gëtt se virun der Dier vum Prisong entlooss.

D'Generaldirektioun vun der Immigratioun geet allen Indizien op méiglech Hierkonftslänner no a probéiert déi Persounen iwwee déi zoustänneg Konsulater ze identifizéieren. Wann dat net geléngeet oder déi jeeweileg Konsulater net matschaffen, muss déi Persoun aus dem Centre de rétention entlooss ginn.

Lëtzebuerg, den 18. September 2024

Den Inneminister
(s.) Léon GLODEN
